



Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/09/2026

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Bildung, Kanner a Jugend, Aussenugeleeënheeten & Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.

Den 13te September hunn déi tierkesch Autoritéite landeswäit Operatioune géint LGBTQ+ Organisatiounen duerchgefouert. Ëffentlechen Informatiounen no ermëttelt d'tierkesch Regierung géint 162 Persounen, dobäi goufen Dosende Persounen festgehall.

An der Tierkei steet d'LGBTIQ+-Community zanter Joren ënner méi staarkem politeschen Drock. Besonnesch islamistesche-konservativ Beweegunge stellen d'Rechter vu LGBTQ+-Persounen ënner nees a Fro. Déi tierkesch Regierung, rondërem de President Erdoğan souwéi senger Partei AKP, notzt hei dat ganz Potenzial vum Staatsapparat fir Minoritéiten geziilt z'ënnerdrécken.

Pride-Demonstratioune sinn a ville Stied verbueden, Aktivist:innen an Demonstrant:innen gi festgehall an LGBTQ+-Persounen ginn als Gefor fir d'Famill an déi gesellschaftlech Wäerter duergestallt.

Zu Lëtzebuerg ass de Schutz vu Persounen virun Diskriminierung opgrond vun hirer sexueller Orientéierung oder Geschlechtsidentitéit e wichtege Deel vun eiser oppener a fräier Gesellschaft.

An deem Zesammenhang wëll ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Virgoe vun den tierkeschen Autoritéite géint LGBTQ+-Organisatiounen?
Huet Lëtzebuerg dëse Sujet bilateral, op EU-Niveau oder an internationale Gremien ugeschwat oder wëll d'Regierung dat maachen?
2. Wéi eng Moossnamen am Beräich Präventioun a Sensibiliséierung zu Lëtzebuerg ënnerholl, fir



d'Rechter vun der LGTBIQ+-Community géint islamistes-konservativ-regressiv Narrativer, Drohungen a Gewalt ze schützen?

3. Gesäit d'Regierung hei weider Moossname vir, zum Beispill iwwert weider méi breet Sensibiliséierungskampagnen?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten





Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, dem Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, dem Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliwwen an fir den Accueil an dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro n°4762 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Virgoe vun den tierkeschen Autoritéite géint LGBTQ+-Organisatiounen? Huet Lëtzebuerg dëse Sujet bilateral, op EU-Niveau oder an internationale Gremien ugeschwat oder wëll d'Regierung dat maachen?

D'Regierung verfollegt mat grousser Opmierksamkeet a mat Suerg d'Entwécklung vun der Situatioun vun der LGBTQ+-Communautéiten an der Tierkei. Dat gëllt besonnesch fir déi rezent Moosnamen, déi géint verschidde Persounen an Organisatiounen geholl goufen, déi dës Communautéiten vertrieben oder ënnerstëtzen.

An dësem Zesammenhang huet Lëtzebuerg sech op bilateralem Niveau mat verschiddene Länner zesummegedoen, déi dës Suergen deelen, nämlech Norwegen, Éisträich, der Belsch, Island, Irland, Frankräich, Portugal, Spuenien an der Schwäiz, fir den 22. September 2026 eng gemeinsam Demarchen zu Ankara beim Ausseministère vun der Tierkei ze ënnerhuelen. Lëtzebuerg wäert ofhängeg vun der Evolutioun vun der Situatioun, seng Suerge och weiderhi kloer zum Ausdrock ze bréngen, sief et bilateral oder zesumme mat sengen europäeschen an internationale Partner.

2. Wéi eng Moosnamen am Beräich Präventioun a Sensibiliséierung zu Lëtzebuerg ënnerholl, fir d'Rechter vun der LGBTQ+-Community géint islamistes-konservativ-regressiv Narrativer, Drohungen a Gewalt ze schützen?

De MEGA betount datt besonnesch am Beräich vu Glawensfroen et wichteg ass fir eng oppen, liberal an interreligiéis Approche anzehuelen, ouni Reliounen a Glawensrichtungen géinteneen auszespillen. Gläichzäiteg mussen regressiv Narrativer kloer benannt ginn, wann se vulnerabel Gruppéierungen a Minoritéite viséieren an ugräifen, fir dorobber Géigemoosnamen ze ergräifen.

De MEGA verweist fir d'éischt op de Nationalen Aktiounsplang fir d'Promotioun vun de Rechte vun LGBTQ+ Persounen¹, deen an den eenzelnen Kapiteln Bildung, Gesondheet, Beschäftegung, Familljeliewen, Sport, Kultur souwéi am Kampf géint Diskriminatioun an Haassried eng ganz Partie Mesuren an konkret Aktiounen an de Beräicher Präventioun a Sensibiliséierung virgesäit, mat der Zilsetzung d'LGBTQ+Communautéiten an hier Rechte – bei eis an am Ausland – ze schützen an ze stäerken, a fir entspriechend Géigenargumenter géint Ugrëffer an Haass géint LGBTQ+ Communautéiten ze formuléieren. D'Ëmsetzung vum Nationalen Aktiounsplang duerch a mat den eenzelnen Ministère a Kooperatiounspartner gëtt vum MEGA koordinéiert a vum Comité interministériel reegelméisseg evaluéiert.

¹ <https://mega.public.lu/dam-assets/fr/publications/20250723-pan-lgbt-iq-2025-mega.pdf>



Nieft dem Nationalen Aktionsplang, weist de MEGA drop hin dat de Sujet Haassried an de kommenden Méint a Joren e wichtegt Thema fir de Ministère an seng Partner wäert duerstellen. Ausgoend vun den Debatten zu de Petitiounen n° 3198² an n° 3281³, déi begleet ware vun engem massiven Ustieg vun Haassried géint LGBTQ+ Communautéite besonnesch op virtuellem Plang, hat de MEGA sech am November 2024 mat zivilgesellschaftlechen Acteuren, staatleche Servicer, dem Parquet an der Police zesumme gesat, fir no konkrete Pisten ze sichen, wéi een der Haassried méi resolut kann entgéint trieden.

Doropshin huet de MEGA d'Zesummenaarbecht mat respect.lu – Centre contre la radicalisation gesicht, fir de Projet "ZIVILCOURAGE IM NETZ", ze konzipéieren an ëmzesetzen, e Projet deen den 23. November 2026 am Esch Lycée Technique presentéiert gëtt.

Nieft der Schafung vun engem *Steering Committee* zesumme gesat aus Verrieder-innen vu relevanten Organisatiounen a Servicer, enger breet lancéierter Campagne op de sozialen Netzwierker iwwert Haassried op soziale Reseauen, ass et virun allem en neie WORKSHOP deen ausgeschafft gouf, fir Strategien ze entwéckelen, wéi een der Haassried besonnesch mat Géigenargumenter kann entgéint trieden. Dëse Workshop riicht sech u ganz vill Acteuren ausgoend vun Organisatiounen aus der Zivilgesellschaft, Schoulen, Gemengen, staatlech a parastaatlech Servicer an Institutiounen, déi op de Soziale Medie präsent sinn an déi riskéiere geleeëntlech Affer vun Haassried ze ginn.

Och am Beräich vun der Präventioun, der Sensibiliséierung mä och um Niveau vun der Formatioun géint Haass-Narrativer verweist de MEGA op seng konventionéiert Partnerorganisatiounen, wéi Rosa Lëtzebuerg (Rainbow Center) an CIGALE, déi hei eng Rei Initiativen a Projeten ubidden, déi deem kënnen entgéint wierken. Sensibiliséierung vun deene Jonken, Formatioun a Sensibiliséierung vun de Professionellen, Accueil, Ecoute a Begleedung vu queere Matbierger-innen déi Affer si vun Diskriminéierungen an Ufeindungen gehéieren zu de Kärmissiounen vun dëse konventionéierte Partnerorganisatiounen. Ervirgehewe sief an dem Kontext z.B. de Projet LILI – Luxembourg Institute fir LGBTQ+ Inclusion⁴, deen et Affer vun Diskriminatiounen erméiglecht dat erliwntent ze rapportéieren um Site www.lili.lu.

Den ONA huet eng präventiv an intersektionell Approche, fir Persounen vun der LGBTQ+-Communautéiten virun all Form vun Diskriminatioun ze schützen, hir Sécherheet ze garantéieren, hir Rechter ze wahren an hinnen déi néideg psychosozial Ënnerstëtzung unzebidden.

Esou leet den ONA grouse Wäert op d'Sensibiliséierung vun allen *Demandeurs de protection internationale* (DPI) a *Bénéficiaires de protection temporaire* (BPT) iwwer d'Rechter vun LGBTQ+-Persounen zu Lëtzebuerg an d'Wäerter vun der Gläichstellung an der Diversitéit. Zu deem Zweck gëtt d'Thema LGBTQ+ an edukativ Aktivitéiten a Formatiounen angebonnen an all feindlecht, menacéierend oder gewalttätegt Verhale wéinst der sexueller Orientéierung,

² <https://www.petitiounen.lu/en/petition/3198>

³ <https://www.petitiounen.lu/en/petition/3281?type=PUB>

⁴ <https://www.cigale.lu/luxembourg-institute-for-lgbtqi-inclusion>



der Geschlechtsidentitéit oder de geschlechtliche Charakteristike vun enger Persoun sanktionéiert.

Zousätzlech ginn déi Professionell, déi fir den Accueil vun den DPI a BPT zoustänneg sinn, systematesch am Beräich vun der sexueller a geschlechtlicher Diversitéit forméiert. Am Kader vun der sozial-edukativer Aarbecht an den Ënnerkonftsstrukture gëtt dofir de Vulnerabilitéiten a besonnege Besoinen am Zesammenhang mat der sexueller Orientéierung, der Geschlechtsidentitéit an de Variatiounen vun de geschlechtliche Charakteristike Rechnung gedroen. Dës Aspekter ginn, esou wäit wéi méiglech, och bei der Zouweisung vun enger Ënnerkonft un déi betraffe Persoun mat consideréiert.

De CePAS, ënner der Leedung vum MENJE, huet am Juni 2025 de *Guide de la Diversité de Genre à l'école* publizéiert. Ronn 1.000 Exemplare vum Guide goufen un d'Lycéeën verschéckt, zousätzlech 300 Exemplaren un extern Partner. De Guide ass och online disponibel. E klengen Deel vun dësem Guide gouf an d'Kapitel iwwer Diversitéit am neie Guide *Let's Talk About Sex* integréiert, deem am Oktober 2026 ënner der Leedung vum CESAS erauskënnt.

Och am Beräich vum didaktesche Material fir d'Léierpersonal goufen an de leschte Jore verstärkt Efforte gemaach, ënner anerem duerch d'Publikatioun vum Material *Sexuelle Bildung in der Grundschule* vum SCRIPT, dat d'Theeme Sexualitéit, Identitéit an Diversitéit op eng altersgerecht Manéier an der Grondschoul behandelt.

De CePAS setzt sech zesumme mat de Membere vum Bildungspersonal dofir an, Oppenheet, Toleranz a Respekt am Schoulalldag ze fërderen. Gläichzäiteg gëtt eng Null-Toleranz-Haltung vis-à-vis vu Gewalt, Mobbing an Diskriminatioun vertrueden, och géint iwwer Schülerinnen a Schüler aus de LGBTIQ+-Communautéiten. Mir begrëssen duerfir déi rezent Initiativen a verschiddene Lycéeën, déi Sensibiliséierungsaktiounen fir Schüler an Erwuessener organiséieren an esou zu engem méi inklusive Schoulëmfeld bäidroen.

Am Kader vun der Weiterbildung vum CESAS *Let's Talk About Sex* ginn zousätzlech Formatiounen fir d'EPS-Personal an d'Enseignanten iwwer den IFEN ugebueden. Dobäi gëtt och d'Wichtegkeet vun enger professioneller a respektvoller Haltung vis-à-vis vun der Diversitéit ënnerstrach.

De CePAS huet schonn eng Formatioun zum *Guide de la Diversité de Genre à l'école* fir EPS-Personal an Enseignante proposéiert a wäert dës och am Laf vun dësem Joer nach eng Kéier ubidden.



3. Gesäit d'Regierung hei weider Moossname vir, zum Beispill iwwert weider méi breet Sensibiliséierungskampagnen?

De Nationalen Aktiounsplang fir d'Promotioun vun de Rechter vun LGBTQ+-Persounen gesäit eng gréisser Sensibiliséierungscampagne vir, déi an enger intersektioneller Approche iwwert de Sujet vun der Diversitéit sensibiliséiert, an déi d'Aspekter vum Alter, dem Geschlecht an der Geschlechteridentitéit, der sexueller Orientéierung, der ethnescher an nationaler Hierkonft, der Relioun an der Weltanschauung, de kierperlechen a geeschtege Fäegkeeten (Behënnerung an Neurodiversitéit) an déi sozial Hierkonft mat aschléisst.

Lëtzebuerg, den 23. Oktober 2026

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes